N°4083
Entrée le 15.06.2026
Chambre des Députés


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4083 vum 11. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Gérard Schockmel.**

*– Kéint d’Madamm Minister matdeelen zu wéi vill Licenciementer et zënter 2020 komm ass? Opgeschlësselt no Licenciementer virun an no der Proufzäit.*

*– Wéi héich ass d’Unzuel vun de Licenciementer an Demissiounen insgesamt zënter 2020, opgeschlësselt no Joer?*

Wei am Graphik ze gesinn, ass et tëscht 2020 bis zum jëtzegen Zäitpunkt am Laboratoire National de Santé (LNS) zu 58 Demissioune komm. Dovun huet 12 mol de Salarié säi Vertrag an der Proufzäit opgeléist, an 30 mol huet den LNS de Vertrag an der Proufzäit opgeléist. Am ganzen ass et zu 16 Licenciementer komm.





| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 | 2026 | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Démission | 4 | 5 | 13 | 9 | 13 | 11 | 3 | 58 |
| Fin de période d'essai par le salarié | 3 | 4 | 2 | 0 | 1 | 1 | 1 | 12 |
| Licenciement | 1 | 2 | 1 | 5 | 3 | 3 | 1 | 16 |
| Fin de période d'essai par le LNS | 1 | 4 | 5 | 6 | 4 | 6 | 4 | 30 |


*– Wéi vill krankheetsbedéngten Absencë goufen zënter 2020 verzeechent? Opgeschlësselt no Absencen ënner dräi Deeg an iwwer dräi Deeg.*

D'Zuele sinn opgeschlësselt no «ouni Certificat médical» an «Certificat médical», deen een no 3 Deeg virleeë muss. Et ass unzemierken, dass bei den Zuele mat «Certificat médical» vereenzelt Absencen ënnert 3 Deeg dobäi sinn.

Et gëtt tëscht Fonctionnaire an Employé privé Ënnerscheed vue dass den LNS eng gemëschte Populatioun huet bei där Fonctionnairë ronn ¼ ausmaachen. D'Zuel vun de Fonctionnairen hellt konstant of, well Départen duerch Employés privés ersat ginn.

Follgende Graphique weist d'Verhältnis tëscht Fonctionnaire an Employé privé an d'Evolutioun vun de krankheetsbedéngten Absencë säit 2024.






*<u>– Wéi vill Fäll vu psychosozialen Doleancë goufen zënter 2020 beim Service de Santé au Travail Multisectoriel gemellt? Wéi huet sech d'Unzuel vun dëse Fäll pro Joer entwéckelt?</u>*


| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Nombre de salariés LNS* vus en médecine du travail | 3 | 3 | 10 | 64 | 71 | 33 |
| Nombre de plaintes psychologiques parmi le nombre de salariés LNS* vus en médecine du travail | 1 | 2 | 3 | 5 | 8 | 4 |
| Nombre de salariés vu en consultation psychologique chez le psychologue | 0 | 0 | 0 | 1 | 4 | 8 |

*Données uniquement pour les salariés sous statut privé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*– Wéi ass d'Unzuel vun dëse Fäll mat vergläichbaren Etablissementer aus dem ëffentlechen Déngscht pro 100 Mataarbechter ze vergläichen?"*

Wann een den LNS mam Secteur vergläicht, an do d'Donnéeë vum *Observatoire de l'absentéisme* hëllt, ass am LNS (schwaarz Linn) dee selwechten Trend wei am Secteur (blo Linn) ze gesinn. Par conter läit den *Taux d'absentéisme* am LNS tëscht 2020 an 2025 wäit ënnert dem Taux vum gesamte Secteur.




Lëtzebuerg, den 15. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez